

WANDROUS

N° 341 Chrëschtmount / Haartmount 2012
décembre / janvier



Kennt 5 mol pro Joër eraus / Abonnement 25.00 Euros / CCPL: LU 82 1111 0498 5493 0000



Chefredakter: Guy MOYANO

Verantwortlech vir den Drock an d'Veschécken: Groupe LBB

E-mail: wandrous@lionsbleus.lu / Tel: 49 50 51

<http://www.lionsbleus.lu>

Lies d'Wandrous da baste émmer up to date!!!



Wandrous Publicitéit

Wandrous Publicitéit



Waat brauchs Du vir Geld ze spueren?*

Jack Wolfskin



Scarpa

CAMELBAK

TEVA

TATONKA

THERMAREST

SALOMON

Raichle

PETZL

GARMIN

patagonia

MSR

MEINDL

Shared Test Activities

BOREAL

LOWE ALPINE

GARMIN

FJALL RAVEN

macpac

LOWE ALPINE

HAGLOFS

nanowag

THE NORTH FACE

Loscht op schick Sportkléder oder Sportmatériel!

Eng gülteg Memberskaart vun den LIONS BLEUS!

Den VIKING-ADVENTURES zu Tréier!

Paulinstrasse 25

D-54292 Trier



d'LIONS BLEUS
kaafen beim
VIKING-ADVENTURES!

* op all Akaaf kris du 10% wanns du deng gülteg Lions-Bleus Memberskaart weis!
an zum Schluss vum Joér kritt den Groupe eng Ristrourne op dem Joresëmsatz!



www.viking-adventures.de

Les amis des Lions Bleus

Les amis des Lions Bleus

Erënners och Du Dech un di Campen, déi sech herno als mémorabel erausgestallt hun, un d'Activitéiten wous Du Dech herno gefrot has, wéi daat méiglech wor, schwätz och Du nach allekéiers iwver deng Scoutszäit wanns de én vun dengen alen Scoutsfrënn erëmgesäis?

Bas och Du frou dat deng Kanner an den Scouten sin, an schmunzels Du net heiånsdo wann Deng Kanner no enger Activitéit, drekkech an midd, mé mat blénkechen An verzielen waat se alles um Camp erliewt hun? Bas Du net heiånsdo eng Grimmelmancholesch dass Du mat Denger Scoutszäit ofgeschloss hues, oder einfach aaner Weee'r gaang bas?

Bedenk dat während Denger Scoutszäit Cheffen do worn di sech em Dech gekëmmert an gesuergt hun, an elo sin nach èmmer Cheffen do, di sech èm Deng Kanner këmmeren an suergen. Datt d'Home ènnerhal, gebotzt, vergreissert gin ass an nach èmmer gebotzt an ènnerhal gët.

Vun all Scoutsgeneratioun hun sech der e puer dozou entschéd Responsabilitéit ze iwwerhuelen, an weider un dém Scoutswé ze bauen dén virun 100 Joér vun Brownsea aus an di ganz Welt erausgebaut gin ass.

Wells och Du datt d'Scouten weider bestoën kënnen an datt weiderhin Kanner vun Jugendlechen ausgebild, an op hieren Liewenswé virberéd gin?



Dann zéck nüt an gëff elo direkt Member vun den “AMIS DES LIONS BLEUS”

? VIRWAT ?

D'Amis des Lions Bleus bestinn zum Dél aus activen wi inactiven Memberen, mé och aus Elteren, Frënn a Bekannten, di all én gemeinsamt Ziel hun: d'Weiderbestoën vun den Lions Bleus ze garantéieren. Och wann en Dél vun dénen Memberen weiderhinn am Hannergronn vir den Groupe actif sin, verhënneren së awer allegueren mat hieren Donën, dat di aktuel an di nächst Cheffengeneratiounen duerch Geldsuergen vun hierer Haaptcharge ofgelenkt gin.

D'Amis des Lions Bleus sin Leit di nüt wëllen, nüt kënnen, keng Loscht oder einfach keng Zäit mi hun vir sech actif bei den Lions Bleus ze engagéieren, an dowéinst dem Groupe op eng onkomplizéiert an extrem efficace Manéier hëlfelen: duerch en regelméisseggen Don.

D'Capital waat esou am Laaf vum Joér zesummen kënnnt gëtt vum Comité de gérance verwalt, d'Konten stinn vir jidderén op, an gin wi all Joér op der Assemblée Générale veröffentlecht.

Dofir ènnerstez och DU ons, wann ech gelift,
mat engem “ordre permanent”*
vun 5,00 / 10,00 / 15,00 Euros** pro Mount
op onsen CCPL: LU 82 1111 0498 5493 0000
mat der Mentioun “Les amis des Lions Bleus” + Numm oder Anonyme

* Vir onsen Budget besser kënnen opzedélen zéien mir vir regelméisseg en klengen Bäitrag ze kréien, esou kënnen mir mat an op en “revenue” zielen, an domadder rechnen. No Ènnen an Uewen sin keng Limiten gesaat.

Natierlech fréén mir ons iwvert en émolegen oder regelméisseggen Don!

** Mir sin der Ménong dat eng kleng an regelméisseg Finanzsprétz vielleicht méi liicht ze verkraften ass.

Vun 15,00 Euros pro Mount un sin selbstverständlech d'Memberskaart an d'WANDROUS gratis!

Wéi s'Du an Zwëschenzäit konns feststellen sin eng ganz Rei vun Memberen an Frënn nach èmmer mat Fréd dobái!

Hinnen sief vun heiaus eng dekken MERCI gesoot!

Baakweekend Beaver

Baakweekend

Well en Beaver all Daag soll eng gudd Doot machen, hellefen mir ierch dobai!
Zesummen baaken mir Kichelcher an gin dei fir en gudden Zweck verdeelen.
Wanns du Loscht hues eis ze hellefen dann mell dech sou seier wei meiglech
un!!

R.V. 22. Dezember 2012 9:30 beim Home vun den Lions Bleus



Schluss: 23. Dezember 2012 16:00 beim Home

Wat brauch ech? Dem Wieder ugepassten Kleeder, Wäschsaachen, fresch
Ennerwäsch, Gamelle, Fest Schong, Kischenduch

Praïs: 25 Euro sin bis den 15. Dezember op den Beavercompte ze
iwwerweisen, mat der Mentioun Baakweekend an mam Numm vum Kand (CCPL IBAN LU87 1111 2571 8942 0000)



Souche: Ass bis den 15. Dezember bei dengem Chef oofzegin

Beaverklack,
Lena, Maiti an Nora

Heimat erlaaben ech _____ mengem
Beaver _____ mat op den
Baakweekend vum 22. bis den 23. Dezember 2012 ze
goen

Ennerschreft vun den Elteren



Krëschtweekend Wellef

Hippieweekend LX




Hues du Loscht op:

**FLIPPEG MUSEK, NEON FAARWEN
& GOOD VIBRATIONS ?!?**



Dann bleiw ganz easy peasy & fuer mat, an eisem VW-Bus an d' Flowerpower Zäit vun den Hippien! Hei wärts de eng relax Zäit mat déngen Kollegen verbréngen, vill chillen an awer och eng cool Party feiren!

Peace & Love, déng chilleg, faarweg & coolsten Flowerpower – Cheffenéquipe.



Weini? Den 5. Januar 2013 um 10 Auer moies, geet ét an eiser Hippie'sTenue op der Gare de Luxembourg lass.

Bis wéini? Mir treffen eis alleguereten rëm den 6. Januar 2013 um 16 Auer op der Gare.

Präis/Souche? **25€**, mussen bis den 28. Dezember 2012 op den Wellefcherscompte , Les Lions Bleus Asbl-Meute (CCPL IBAN LU64 1111 2581 2205 0000) iwverwisen sinn. D'Souche soll och bis den **15ten bei den Cheffen oofginn sinn.**

Waat brauch ech? Schloofsaack, Wäschsaachen, Pijama, dem Wieder ugepassten Kleeder, Hippie'skleeder, ganz gudd Laun & villll Léift!.....



Heimat erlaaben ech méngen Hippie,
dem mat op den Weekend
vum 5.-6. Januar 2013 matzegoën.

Ënnerschrëft:



Krëschtcamp Scouter

Krëschtcamp Scouter

Du, leiwen Zaitreesenden gess gebraucht. Eisem gudden aalen zerstreuten Professor Wenkelsteen ass en riisen Malheur geschitt. Dofir brauchen mir ierch, staark, furchtlos an schlau Scouten dei bereet sin eis op enger laanger gefeierlecher Rees ze begleeden. Vum Mëttelalter bis and Zukunft, keen wees wou an wini dir wäert landen an d'Schicksal wäert décideiren op dir schon bereet sidd fir des schweier Missioun.

Wéini start eis Zaitmaschin?

Den 27.Dezember 2012 um 9
Auer mat tiptoper Uniform op
der Gare Centrale de Luxembourg.



Wéini landen mir rem an eisem Zaitalter?

Den 29.Dezember 2012 um 16.00 Auer op
der Gare Centrale de Luxembourg.

Waat brauch een fir sou eng ustrengend Rees?

Schloofsaack, Carrymat, Gamelle&Kichenduch, Bidon, Bierschong, dem Wieder ungepassten Kleeder, Jumbokaart/E-GoKaart oder 2 rout Ticket'en, Pijama, Zennbiischt an alles waat en professionellen Zaitreesenden soss nach eben sou brauch.

Waat kascht dës Zaitrees?

40 Euro sinn ze iwwerweisen op den Compte vum Manon Fischer (CCPL LU69 1111 1943 4251 0000) mat der Mentioun "KC+Numm vum Kand"

Souche-Souche-Souche-Souche-Souche-Souche-Souche-Souche-Souche-Souche



Heimat mellen ech
Main Zaitreesenden Un
fir den Chreschtcamp vun de Scouten
(27/12/12-29/12/12)
an iwwerweisen d'Suen rechtzaiteg am
Delai op den richtegen Compte.
Ennerschreft vum Elterendeel:



Kréschtcamp 2012

Nom eischten Joër an den Explorer, an no emgem flotten Summercamp wollten mir, deng Responsabel en flotten Kréschtcamp an der fraier Natur verbrengen.

Falls du interesseiert bass nei Techniken, dobaussen schlöfen, kachen an iwwerliewen am Wanter an der fraier Natur, dann mell dech bis spéistens den 1. Dezember matt denger Souche un.

Nemmen deng Souche an Iwwerweisung gëllen als Umellung.



Wéini: Vum 21 bis den 23 Dezember 2012

RDV: Moies den 21 Dezember um 9:00 Auer op der Gare de Luxembourg


Retour: Den 23 Dezember um 17:00 op der Gare de Luxembourg

Material: Carrymatt, decken Schlofsack, Orientationsmaterial(Kompass, Réimer, Scoutsbichelchen, Vadémecum, GPS), Gamelle, dem Wieder ugepassten Kleeder

Präis: 30 Euro sin op den **CCPL LU49 1111 2324 7361 0000 „Les Lions Bleus a.s.b.l.-Explorer** bis spéitstens den **1. Dezember 2012** ze iwwerwéisen



Fir d'Unitéit : Tameng / Tahr / Laurent



Héimat erlaaben ech

mengem(er) Explorer / Explorette
mat op den Kréschtcamp 2012
vum 21-23 Dezember 2012 matzegoen

Ennierschrëft vun den Elteren

Explorer-Sportsdaag

Explorer



**Léif Explorer, léif Exploretten,
Paakt är Sportstäsch an dann
vive an d'Staad !**



No engem Joér steet den Explorer-Sportsdaag, wou déi
verschidden Unitéiten aus dem ganzen Land hieren
Teamgeesch an hier Kämpfernatur
kennen énner Beweis
stellen, erém virun der Diir !



Weini: 13.Januar 2013 vun
09h30 – 17h00

Rendez-Vous: An der Staad an der
Hall Omnisport an der
rue de Strasbourg.

Waat muss du matbrèngen: - Pique-Nique
- Sportstenué - Turnschorng, Sportsbox an Team T-Shirt
- Duschsaachen

Präiss: Den Sportsdaag ass **GRATIS**
Waasser an Uebst kritt dir sur place offréiert !

Souche: Ass bis den 21.Dezember 2012 bei déngem Chef oofzeginn.

Lénks Patt,
Äer Explorer-Ekipp



Souche-Souche-Souche-Souche-Souche-Souche-Souche-Souche-Souche



Ech
erlaaben mengem Explorer

.....
um Sportsdaag den 13.Januar 2013
deelzehuelen.

.....
Énnerschrëft vun den Elteren



Schwamm-Sortie

Wanns du Loscht hues déng Schwammkënscht ze verbesseren, dann muss du onbedéngt mat ob dës flott Sortie, soss hues du eng verpasst!



Wéinis:

Den 19.Januar 2013 um 14:00 bei der Syrdall Schwëmm
(3, Routscheed - L-6939 Nidderanven)

Retour:

Den 19.Januar 2013 um 17:00 op der selwechter Plaatz

Präiss:

3,5 €, sinn op den Rendez-vous matzebréngen!

Waat brauch een: Maillot fir d'Meedercher & eng enk Schwammbox fir d'Jongen, Ärmecher!!!, Duschseef, Duch, klengen Snack ...



BEAVERKLACK
Nora, Lena an Maiti

Heimat erlaaben ech mengem Beaver

..... den 19.Januar 2013 mat op
d'Schwamm-Sortie ze goën.



.....
Ënnerschrëft

KLENGEN ÄISBIER? KLENGEN ÄISBIIIIIIER?



Oh nee! Den klengen Eisbär huët sëch verlaaf, an fënnt den Wee nüt méi! Waat sollen mir némmen maachen? Daat ganzt Ais ass.. geschmolt, an do huët den klengen Äisbier säin Wee nüt méi erkannt an elo huët hien sëch verlaaf! Mell dëch schnell fir d'Sortie un, fir dat mir him dann kennen den Wee weisen!

Départ?

Den 19.01.2013 um 10h um Parking vun der Kockelscheier

Retour?

Den 19.01.2013 um 17h um Parking vun der Kockelscheier

Präiss?

10 EUR mat der Mentioun Äisbier op den Compte:

Les Lions Bleus Bonnevoie a.s.b.l.-Meute

CCPL IBAN LU64 1111 2581 2205 0000

Waat brauch ech? Dem Wieder ugepassten Kleeder, dem Wöllefchen séng 5 Saachen, Kleeder fir Schlittschong ze fueren (Hännchen, Mutz, Schaal, déck Jackett ... an vill Motivatioun :)

Ech erlaaben mengem Kand
..... op der Äisbier-Sortie den
19.Januar 2013 mat ze goën.

Ënnerschrëft:

Assemblée générale Lbb Tir jidfereen



Mir lueden häerzlech all ons Memberen (Scouten, Guiden, Explorer, Rover, Amicale*), Elteren (Mammen, Pappen), Frënn, Bekannten souwéi ons "Amis des Lions Bleus" an op on

Assemblée Générale 2013

vun der a.s.b.l. Les Lions Bleus Bonnevoie
déi Freidesowes, den 25. Januar 2013
am Home vun den Lions Bleus,
op 61 rue de Pulvermühl,
ofgehalen gët.

Ufank ass pénktlech um 19:30 Auer

Wéi all Joër fréën mir ons iwwert Är Präsenz an wärten ons all
Méi gin dës Assemblée sou interessant wi méiglech ze gestalten.

Programm

- 1) Begréissung an Usproch vum Här President
- 2) Rapport vun der leschter Generalversammlung vun der Madame Secrétaire
- 3) Rapport vum Här Késsier
- 4) Virstellung vum Budget 2013 - 2014
- 5) Rapport vun dénen Dammen an Hären Késsenrevisoren
- 6) Bestëmmung vun den Késsenrevisoren fir d'Joër 2013 - 2014
- 7) Rapport vun den Activitéiten vum Scoutsjoër 2012
- 8) Erneierung vum Conseil d'Administration
- 9) Verschiddenes an Gemëschtes

No der Versammlung huët den Conseil d'Administration den Plëséier lech op en Pättchen an eng kleng Stärkung anzelueden. Häibäi ergët sech och nach d'Méiglechkét vir ze pooteren an Informatiounen auszetauschen.

*** All déi Actif Memberen sin gebieden an kompletter Wanteruniforme ze kommen!**

FNEL Rover-Quiz organiséiert vun den AI



Den dësjähregegen Roverquiz gët vum Gewënner vum letzten Scoutsjoer organiséiert, an zwar vun den "Aigles" aus dem Rolléngergronn!
(awer och just, well mir sie d'letzt Joer fréndlecherweis gewannen gelooss hun :))


Den Roverquiz ass e gemiddlechen owend énnert gläichaltregen, déi een Maufel zesummen iessen an dono dann géintenaaner untrieden an deenen verschiddensten Themen.

Un dësem Rover-Quiz deelzehuelen mat enger Ekipp vun den Lions Bleus ass sëcherlech eng gudd Geleenheet, fir e flotten owend zesummen ze verbréngen & aaner Rover besser kennenzeléieren.

Bass du lo also interesséiert, dann so dem Gruppenchef bescheid, dat mer eis mat enger Ekipp kënnen unmelden :)

FNEL Wanterlaaf fir d'Troupe fir SG

OP DER SPUR VUM



DEN INDI BRAUCH HËLLEF,
DU KANNS HIM MAT DÉNGEN KENTISSER WAAT
SCOUTSTECHNIKEN & ORIENTATION UGEET
HËLLEFEN, DOFIR KOMM MAT HIM OP AVENTURE !!!

FIR WIEN? alleguer d'Scouten

WÉINI AN WOU? Sonndes den 3.02.2013 ~ Juckelsbierg

DÉPART?

Sonndes moies géint 9:00Auer op der Gare-Mamer

RETOUR?

Sonndes géint 18:30Auer op der Gare-Luxembourg

PRÄISS? kriss de nach matgedeelt...

WAAT BRAUCHS DU ALLES?


dem Wieder ugepassten Kleeder, an an an...

!!! HAAL DER ALSO LO SCHON DËSEN DATUM FRÄI !!!

ALL WEIDER INFOS DÉI'S DU BRAUCHEN WÄRTS, KRİSS DU NACH EMOL PER BRÉIF MATGEDEELT!!!

Souche Techuana 2013

Techuana 2013



„Der Berg ruft“

Jo ét ass erém sou wäit, mir ginn dést Scouts-Joërs erém an Techuana. Du frees dech ouni Elektresch, ouni Heizung an fléissend Waasser ze liewen dofir awer ganz vill Holz ze maachen („et geet niimols duer, Dier zou“) Natur pur, e puer flott Deeg op der Skipist ze verbréngen, einfach Wanderen oder en Buch ze lesen bei der schnurrender Gazluucht an nét ze vergiessen onsen Remake vun dem sensationnellen Erlebniswanderweg? Dann ass daat héri genee daat richteg fir dech, mëll dech sou schnell wéi meiglech un well du wees jo: d' Plaazen sinn limitéiert!!!!

Wien kann mat goën: jiddereen dien bis den 01.09.2012 14 Joer krut huet

Rendez-vous: 8.Februar 2013 um 18.30 Auer am Home vun de Lions Bleus

Zréck: 17.Februar 2013 um 11.00 Auer am Home vun de Lions Bleus

Präiss: Mir maachen daat och erém wéi daat letzt Joërs, mir splécken den Präiss op! Daat heescht 350 Euros fir Transport, lessen, Sauna an Schwammen. Déi Léit déi Ski fueren, mussen nach 175 Euros fir den Skipass bezuelen an fir déijeneg déi nach Material mussen lounen mussen nach 125 Euros bezuelen.

Am Kloertext:

Déi Léit déi just gären Spadzéiren, lessen, Schwammen ginn --> bezuelen **350** Euros.

Déi Léit déi lessen, Schwammen, Ski fueren an hiert eegent Skimaterial hun --> bezuelen **525** Euros.

Déi Léit déi lessen, Schwammen, Ski fueren an d'Skimaterial op der Plaaz lounen mussen, bezuelen **650 Euros** bis den 26.01.2013 mat der Mention "Techuana 2013". D'Geld ass ze iwwerweisen op den CCPL LU49 1111 2324 7361 0000 „Les Lions Bleus a.s.b.l.- Explorer“

Täschegeild: dést Joërs ginn och 50 Euros duer

Material: Schloofsack (waarmen), Carry-Matt, waarm Kleeder, Wanterjacket, Skibox (fir déi déi eng hun), 2 puer Hännschen, eng Mutz, en Schaal, Turnschlappen, déck Schong, Schwammsachen (déi an d'Sauna ginn sollen 2 Dicher mathuelen), Wächsachen, Bidon, Tächenluucht, komplett Wanteruniform, e klengen Rucksack (dien an den Auto matgeet an wou deng perséinlech Saachen dran sinn, an fir an d'Schwämm, a.s.w.....)

Elterenversammlung: Fir déi Leit déi mat ginn ass déi Versammlung obligatorësch. Si ass Mëttwochs den 12. Dezember 2012 um 19.15 Auer am Home vun den Lions Bleus. Do kriss du och däin perséinlechen Dossier mat der Fiche Médicale an do kënnt och nach d'Kopie vun der Impfkart, d'Polizeilech Erlaabnis, d'Kopie vun der Kranken-keesmatricule an d'Kopie vun der Carte d'Identité oder Pass dran.

Dës Souche muss du och oofgin wëll soss bass du nét officiel ungemëllt!!!

SOUCHE - SOUCHE - SOUCHE - SOUCHE - SOUCHE - SOUCHE - SOUCHE - SOUCHE - SOUCHE - SOUCHE



Ech erlagen mengem Scout, Explorer, Rover

.....
mat um TECHUANA-Wantercamp 2013 deelzehuelen.
D'Souche ass sou schnell wéi méiglech bei déngem
Chef oofzegin, **well d'Plaazen sinn op 20 Scouten limitéiert !!!!!**



SOUCHE - SOUCHE - SOUCHE - SOUCHE - SOUCHE - SOUCHE - SOUCHE - SOUCHE - SOUCHE - SOUCHE

KOMM HOL DAS LASO RAUS, WIR SPIELEN COWBOY UND INDIANER!

Wuhhhhuuuu! An lass geet ét, mir kënnen eis rëm an eis schéinsten Fueskostümer stiechen, d'Gesiichtsfaarwen raushuelen an d 'Troteren aus dem Schaaf kroomen, well mir maachen rëm eng FUESPARTY!!!! Ob mir als Monster, Hex, Zauberer, Cowboy, Indianer oder Pirat kommen spillt dobai keng Roll, ét soll nämmen schéin an faarweg ausgesinn.
An d'Verkleedung nüt vergiessen!!!!

Vergiesst awer dobai nüt un d'Wieder ze denken an deementsprechend och eng Reenjacket an en waarmen Pullover matzebréngen.



WEINI ??

den 23.02.2013

WOU ??

am Home vun den Lions Bleus

**UM WEIVILL AUER??
BIS WEINI??**

Samstes um 10:00 Auer
Samstes um 17:30 Auer

SOUCHE?

ass bis den 2/02/2013 oofzeginn



Heimat mellen ech den

.....op
d'Fues-Sortie, den 23.Februar 2013 un. Ét geet
um 10.00 moies un, an dauert bis 17.30 Auer.

.....
Ënnerschreft vun den Elteren:

BAACK-Aktiouen den 23.02.2013...

Grouss BAACK-Aktiouun'13 bei den bloën Léiwen



Ënnerstëtzte eis ALLEGUERTEN...

op aktiven Member, Amicale, Elteren,
Famill, Noperen oder Frënn....

an bestellt bei eis lecker
Kichelcher, fir dat mir
genuch ze dinn kréien :)



kleng / grouss Tuut Kichelcher --> 3€ ou 5€
petit / grand sachet de biscuits --> 3€ ou 5€

FIRWAAT sou eng Baack-Aktiouun?

Dës ass geduecht fir zousätzlech d'Geld zesummen ze
kréien, fir eisen Summercamp SAIL '13 an Holland
zesummen mat den Scouten, Explorer & Rover.

Sou können mir den Präiss vum Camp relativ déif haalen,
an eis och nach e flotten Camp T-shirt dovunner leeschten...
Dofir ënnerstëtzte eis w.g.l. an bestellt lecker selvergebaacken Kichelcher fir den gudden Zweck :)



WÉINI kritt een séng Kichelcher (kaafen)?

Falls der d' Kichelcher bestallt haat (mat der Souche op dëser Säit), kënn der se Samstes tëschend 14:00-18:00
beim Home oofhuelen & bezuelen. Selbstverständlich kënn der och Kichelcher den Daag selwer op der Plaaz
kaafen, mee als éischt kommen déi Léit mat den bestallten Kichelcher fir :)

---> Bestellung Kichelcher / commande biscuits / Bestellung Kichelcher / commande biscuits / Bestellung Kichelcher <---

Ech (Je) _____ bestellen gären (veux commander)



- _____ x kleng Tuut (petit sachet biscuits)
Kichelcher fir e Stéckpräiss von 3€
_____ x grouss Tuut (grand sachet biscuits)
Kichelcher fir e Stéckpräiss von 5€



Ënnerschrëft (signature) vum zukünftegen Kichelchersknabberer

Explorer-Camp 2013

BERLIN 2013



Explorercamp 2013

Wei schon bekannt geed den nächsten Explorer - Camp an Däitschland op Berlin. Dofir direkt am Kalener den 1. bis den 6. Abrëll blokeieren daats du dobei kenns sin.

Wat gëtt gemeet?: Um Program steet en City-Rallye duerch Berlin, en Echange mat engem deitschen Scoutsgrupp, Visites guidées vun Berlin an de Berliner Unterwelten an nach vill aaner Iwwerraschung.

Wéini ass dat ganzt?: Dest Joer geheiert de Raid (09~10/03/13) och zum Camp en ass obligatoresch an och am Präis matdran.

De Camp selwer ass den 01~06/04/2012

Den 1. Abrëll geed et owes speit lass, mir fueren iwer d'Nuecht.

Wat kascht dat ganzt?: De Camp kascht 350€, dovun sin 100€ net remboursable. De Camp kascht wahrscheinlech just 150€, well mer beim Projet "Youth in Action" matmaachen, well den Präis nach net 100% secher ass, kritt dir bescheet gesoot soubal en fest steed.

Wei kenn ech mech umellen?: Wanns du elo interesseert bass op dessem flottem Camp matzegoen, nei Kollegen an eng nei Staad kennen zeleieren, dann mell ganz seier un well, déi eischt sinn fir an et können max. 40 Leit matgoen. Jiddereen muss sech **eenzel umellen !!!**

Scheck eng eng Mail un explorer@fnel.lu fir dech unzemellen.

D'Souche (op www.fnél.lu, an den nächsten Deeg online) an d'FNEL schecken. Als ugemellt gëllt een eréicht wann d'Souche an **Pabeierformat (orginal)** den der FNEL ass an de Camp bezuelt ass. Well d'Plaatzen limiteert sinn, sinn die eischt (mat kompletter Umeldung) fir.

Bis weini muss ech ugemellt sinn?: Den Délai fir d'Souche an de Camp zebezuelen ass den 10/01/2013. D'Suen sin op den Compte vun der FNEL zeiwerweisen:
FNEL-Conseil technique CCPL LU56 1111 2166 1009 0000
Mat der Mention: "EXPLORER-Camp 2013 + Numm vum Explorer + Grupp"

Weider Info'en kommen an engem speideren Info-Brief un all dei dei ugemellt sin. Wann elo awer nach direkt Froen sin dann mellt iech op explorer@fnel.lu



Lénks Patt,
Äer Explorer-Ekipp

Sail'13

Déi 1. Versammlung vum Staff fir den Segelcamp haaten mer grad, an alles leeft lo sou lues un, fir dat mir all en super-génialen Camp um Binnen- & Isselmeer an Holland zesummen kënnen erliewen :)

Hei dann och nach déi aktuellsten NEWS !!!



Wéini?

Freides 02.08.2013 - Sonndes 11.08.2013

Präiss? -->450€

Acompte 1 = 150€ (non remboursable) (bis den 1/01/2013)

Acompte 2 = 150€ (bis den 15/01/2013)

op de Compte vum Fischer Manon(CCPL IBAN Lu691111194342510000)

Baacksortie?

->Samstes den 23. Februar 2013 (*Détailier fann der bei der Souche*) dës ass fir all Participant obligatorësch.

Elterenversammlung?

->Mëttwochs den 5 Juni 2013 um 19:15 Auer bei eis am Home an obligatorësch fir jiddereen :)

LOGO-Opruff?

Bass du kréativ oder hues eng génial Idee fir den Camplogo/Badge, dann schéck eis déng Propose op : cg@lionsbleus.lu eran :)

Hues du nach déi eng oder aaner Fro (zum Camp)?

Ma dann kanns de dës gär un den Atra oder d'Tamia stellen (Kontakt an der letzter Wandrous), oder schreiw einfach eng mail op: sail@lionsbleus.lu

SAIL 'crew 2013

Programm Beaver den BV-Programm

Dezember

- | | | |
|---------|-------------------|---------------|
| 1. | Beaverversammlung | 14:00 - 16:00 |
| 7. | Kleeschen | 18:00 - 21:00 |
| 8. | keng Versammlung | |
| 15. | Beaverversammlung | 14:00 - 16:00 |
| 22.-23. | Baackcamp | |




Januar

- | | | |
|-----|----------------------------------|---------------|
| 5. | keng Versammlung (Krëschtvakanz) | |
| 12. | Beaverversammung | 14:00 - 16:00 |
| 19. | Schwammsortie | 14:00 - 17:00 |
| 26. | keng Versammlung | |



Februar

- | | | |
|-----|-------------------------------|---------------|
| 2. | Beaverversammlung | 14:00 - 16:00 |
| 9. | keng Versammlung (Fuesvakanz) | |
| 16. | keng Versammlung (Fuesvakanz) | |
| 23. | Beaverversammlung | 14:00 - 16:00 |



Beaverklack,
Lena & Nora & Maiti

Programm MEUTE

den LX-Programm



Dezember


01. Dez	Versammlung	14.00-16.00
07. Dez	Kleeschen	
15. Dez	Versammlung	14.00-16.00
22. Dez	keng Versammlung (Krëschtvakanz)	
29. Dez	keng Versammlung (Krëschtvakanz)	

Januar

05.-06. Jan	Chrëschtcamp	
12. Jan	Versammlung	14.00-16.00
19. Jan	Sortie	
26. Jan	keng Versammlung	

Februar

02. Feb	Versammlung	14.00-16.00
09. Feb	keng Versammlung (Fuesvakanz)	
16. Feb	keng Versammlung (Fuesvakanz)	
23. Feb	Fuesparty	14.00-17.30



Är Meutecheffen
Prunelle, Breeze, Claude, Michel, Sophie

Programm Troupe den SG - Programm

DEZEMBER

- | | | |
|---------|---------------------------------|-------------|
| 1. | Truppenversammlung | 14:00-16:00 |
| 7. | KLEESCHEN | 18:00-21:00 |
| 8. | keng Versammlung --> RO-Weekend | |
| 15. | Patrullenversammlung | 14:00-16:00 |
| 22. | keng Versammlung --> Vakanz | |
| 29. | keng Versammlung --> Vakanz | |
| 27.-29. | KRËSCHTCAMP | |

JANUAR

- | | | |
|-----|-----------------------------|-------------|
| 5. | keng Versammlung --> Vakanz | |
| 12. | Truppenversammlung | 14:00-16:00 |
| 19. | Patrullenversammlung | 14:00-16:00 |
| 26. | Patrullenversammlung | 14:00-16:00 |

FEBRUAR

- | | | |
|--------|-----------------------------|--|
| 3. | WANTERLAAF (FNEL) | |
| 9.+16. | keng Versammlung --> Vakanz | |
| 8.-17. | TECHUANA WANTER | |
| 23. | BAACKSORTIE | |

MÄRZ

- | | | |
|---------|-------------------------------|-------------|
| 2. | Truppenversammlung | 14:00-16:00 |
| 9. | Patrullenversammlung | 14:00-16:00 |
| 16. | Truppenversammlung | 14:00-16:00 |
| 23.+30. | keng Versammlungen --> Vakanz | |
| 28.-30. | OUSCHTERCAMP | |



Lex / Tamia / Christophe / Nëkkel / Mauro / Ludovic

Programm Explorer den EX-Programm



D.R.

Dezember

01.12.12	Explorerversammlung
07.12.12	Kleeschen am Home
08-09.12.12	Roverweekend
21-23.12.12	Kréschtcamp

14-16 Auer

Januar

13.1.13	Explorersportsdag
19.1.13	Explorerversammlung
25.1.13	AG LBB

14-16 Auer

Februar

02.2.13	Explorerversammlung
08-17.2.13	TECHUANA 2013 Wanter
23.2.13	Explorerversammlung

14-16 Auer

14-16 Auer

März

09-10.3.13	Explorer-Roverraid
16.3.13	Explorerversammlung

14-16 Auer

Abrëll

01-06.4.13	FNEL Berlincamp 2013
13.4.13	Explorerversammlung
27.4.13	Explorerversammlung

14-16 Auer

14-16 Auer



Fir d'Unitéit : Tameng/Tahr/Laurent

Rapport Techuana Summer

Rapport Techuana

TECHUANA 2012_Gelebte Nachbarschaft

Nom Succès vum 'Techuana 2001', sollten séch désen Summer nees eng 3000 Scouten&Guiden aus ZentralEuropa an Techuana Rendez-vous ginn, fir vum 1.-13. August op der internationaler Campplätz am Kanton Kärnten südlech vun Villach en onvergiesslechen Camp zesummen ze verbrèngen.

Op déser klenger europäëscher Jamborette waren d'Scouten an verschidden Alterstufen opgedeelt: EU 10-13, RO 16-20 & PA 13-16 Joér. Hei hun sie an eenzelen Souscamp'en zesummen geliewt. Dës haaten d'Nimm vun Stiéti aus Eisterräich, respektiv bei den Rover waren et europäësch Stiéti.

Eist klengt d'Ländchen Lëtzebuerg wor vertrueden duerch d'FNEL an d'LGS. Drei Gruppen: D'Lions Bleus, d'Loutres & d'Piwitschen haaten séch op den Wee gemaach, fir do énnen den Austausch mat aaneren Scoutenkollegen ze sichen an fir zesummen mat hinnen eng flott Zäit ze erliewen.

Do énnen ukomm bei super Wiederkonditiounen , hun mir angecheckt an kruuten all néideg Infos iwwer den Camp. Dèi èischt 4 Deeg stoungen d'Lagerbauten an den Austausch um Souscamp-programm. Sou hun mir also Gaz ginn, an hun gebaut bis keng Baurenficelle méi do wor. Déi èischten Deeg gouf virun allem séch installéiert, vill gebaut, séch énnnerenaaner ausgetosch, e Rallye iwwer déi ganz Campplätz, Openingceremonie & Lagerfeierwender gemaach...Nodeems alles stoung, hun mir eis en éischten Ausfluch organiséiert: Mam Velo hun mir d'Émgéigend erkundegt, an sinn dono op den Faakersee bei eist Strandbad mat der Rutschbahn weidergefuer, wou mir schwammen gaangen sinn. Daat wor villaicht e Genoss bei deenen Temperaturen...

No deenen 4 Deeg Campprogramm stoungen lo déi 4 Deeg Extern-Programm un. Hei haat een am Viirfeld séch missen anschreiwen, an mat bëssi Chance kruut een och flott Aktivitéiten. Mir haaten vun 4 Deeg 2 Deeg Programm, een kulturellen an een sportlechen...

Een Hardcoredaag waat d'Kultur ungeet stoung virun eis. Moies goung ét op Magdalenenburg, bei déi eelsten Kierch Kärntens an dono haaten mer eng Visite guidée vun der Réimer- an Keltenruine. Mëttes goung ét weider op Friesach (eis Staat), wou mer eng Buerg kucken worn, Temps libre haaten, am Specksteen geschafft hun an dono eng Visite guidée duerch Friesach kruuten. Den aaneren Daag wor eisen Sportsdaag Moies sinn mer an den Kletterpark op d'Taborhöhe eropgekraxelt an hun eis Parcour'en gemaach. Mëttes lecker gepicknickt bei der Vue, an sinn no der Stärkung weidergetrëppelt op den FaakerSee, wou mer Kayakpraxis haaten an dono nach schwammen konnten. Owes sinn mer zerëck op den Souscamp komm an mir worn K.O., mee ét wor nach nüt eriwwer. Den 'Tag der offenen Töpfe' stoung nach um Programm...sou wor een dauernd an Bewegung an huet iwwerall nei Bekanntschaften geschloss. Ét gouf awer och nach aaneren flotten Programm wèi: Visiten vun den jeweilegen Stiéti, Naturkunde, Ausflich, Survival, Flossfahrt / Kayak, Kletterturm / Park, Biergwanderungen, Gipfelwanderung Mittagskogel, Paraglyding, an an an...sou dat sécherlech fir jiddereen eppes dobai wor

Sou lues an lues huet een missen un den Schluss vum Camp denken, an daat wor dann och gläichzäiteg den Startschoss fir den Tauschbazar. D'Kanner hun lo ganz intensiv Kontakter / Oofzeechen getosch. Mir hun nach e puer Partien Fussball, Cube gespillt ginn, e bëssen gesongen an mir hun eis versprach am Kontakt ze bleiwen.

Den letzten Daag wor een haarden Daag, een nom aaneren sinn sé heem gefuer an d'Plaatz ass émmer méi eidel ginn. Mir hun dann och eng Chaîne des adieux mat eisen neien Frënn vum Souscamp gemaach, an sinn mam Bus Richtung Salzburg gefuer, wou mer nach Temps libre haaten, zu Nuecht giess hun an dono weider gefuer sinn Richtung Lëtzebuerg, wou d'Elteren schon sehsüchteg op hier Kënnnercher gewaard hun.

Alles an allem, wor ét eng super Experienz fir kleng & grouss, an déi déi nüt mat worn, sinn selwer Schold. An nüt ze vergiessen, mir hun sé alleguer angelueden 2014 op Lëtzebuerg ze kommen.

Tamia alias Fischer Manon



Rapport Gruppenversammlung

Rapport Meute

Den 22.09.2012 war eine Gruppenversammlung.

Wir waren da weil Toni unsere hilfe gebraucht hatte. Seine Giraffe hatte ihre Flecken verloren.Natürlich wollten wir ihm helfen. Also haben die Scheffen uns in Gruppen geteilt und jede Gruppe hat einen Tierpass bekommen. Wir müssten dann auf verschidene Posten gehen: „Der Löwe, die Giraffe, der penguin, der Elefant, der Seelöwe, und der Fannshop.“ Danach müssten wir bei jedem Posten eine Aufgabe oder ein Spiel machen. Plötzlich ruften die Scheffen: „Stop“ das Spiel ist zuende. Dann ist die Giraffe und Toni aus dem kleinen Zelt raus gekommen. Die Giraffe war so froh und ist vor freude gesprungen.

Wir haben es geschaft! Wir haben die Giraffe gerettet.

Es war die coolste Gruppenversammlung.

Ende

Laura



Rapport Troupe

En Samsten den 22. September 2012 um 14:00 Auer hun sëch all d'blo Léiwen um Kirchbierg getraff fir hier éischt Versammlung vum Joér ze hun. Rendez-vous war beim MUDAM, dem Musée fir modern Konscht. Do hun mer als éischt emol alleguer op der d'Wiss virum "Musée Dräi Eechelen" Gruppen- an Branchenphotoen gemaach.

Duerno, sinn mer all gewuer ginn dass den Toni Travooz en goussen Zoo huet, an him séng Déieren an der letzter Nuecht allegueren fortgelaaf woren. Séng ängstlech Giraff, déi als eenzeght Déier nach do wor, haat all hier brong Flecken verluer. Natierlech hun mir als gudd blo Léiwen gehollef all hier Flecken nees erëm ze fannen.

Dofir hun mer eis all an kleng Gruppen angedeelt, kruutten eisen Zoopass an hun missen verschidden Aufgaaben maachen an den Zooquiz léisen. Beim Elefant z.B. hun mer geléiert dass ét guer nüt sou einfach ass mat engem Rüssel émzegoën an beim Léiw huet een sain Léiwenbrëllen présentéieren können.

Mir haaten an deenen verschidden Gruppen gudd zesummen geschafft an zum Schluss haaten mer erëm all d' Flecken vun Toni Travooz sénger Giraff erëmfonnt an eis B.A. fir den Daag gemaach.

Felix / Foto - Fennec



Rapport Montée

Rapport Montée

Rapport Scouten

Den éischten Daag - Wei mir ukomm sinn hun mir als éischt emol en schéinen krommen Carré gemacht an hun ons Rucksäck an den Weenchen geluecht, deen eis Cheffen dono verstoppt hun. No dem Carré hun mir en Traget gemaacht, bei deem d'Ziel war d'Rucksäck zeréck ze fannen. Sie waren schlussendlech virun dem Tamia séngem Haus verstoppt, wou mir së rëm matgeholl hun, an bei den Home gedroën hun. Wéi mir dun no nët ze laangem marschéieren rëm beim Home waren, hun mir eis fir d'éischt emol angeriicht an e puer kräfteg Telleren Spaghetti giess, déi nawell gudd geschmaacht hun. No e bëssen Fräizäit sinn mir dunn op eis Posten gaangen déi op all Kräizing waren. D'Wöllefcher sinn dun deen Wee zu zwee an zwee gaangen mat enger Faakel an der Hand. Um Enn vun desem Wee haaten d'Cheffen een gudd waarëmt d'Feier ungefaangen, wou dann verschiddener an den Grupp opgeholl goufen, aanerer an d' Scouten opgestiegen sinn, eben d'Montée...No den feierlechen Zeremonien hun mir dunn lecker BEANS giess an ons en bëssen énnerhaalen. Wéi mir owes doheem ukoumen, gouf ét nach Chips an Jus an dun goung ét dann och schons an d'Fiederter. Mir hunn all geschloof wéi Raaten. *de Ciarán*



Den zweeten Daag sinn mir moies spéit erwäscht. Dofir worn mir ausgeschloof an bei gudder Laun. Nom Kaffidrénen ass ét dann lassgaang: Mir hun "Schiffe versenken XXL" gespillt, waat ganz flott wor, och wann némmer d'Halschent vun den Kanner matgemaacht huet. Ausserdem gouf Fussball gespillt. Géint der Mëtteteg hun mir eng hallesch Stonn probéiert fir d'Féier unzukréien. Et gouf esou Zirkus-Akrobaten, déi hun mat enger Flaam an Deospray hantéiert L E puer Scouten sinn dann an den Bësch geträppelt fir Holz ze sichen. Dunn kruutten mir d'Féier endlech un. Dodrobber hun mir Wurschten gegrillt. (*JUMMY*)

Nom Iessen hun mir Dommheeten gemaach. Mir hun eis an d'Pabéiertonn gesaat an sin domat iwwert d'Wiss getukkert. Am Nometteg, um Enn vun der Montée hun mir en Carré an eng Foto gemaach. David Steichen:-)



Rapport Explorer

No dem groussen carré wou mer den Fändel eropgezunn henn, sinn mir direkt an den Bësch gaang, fir do d'Montée opzericthen. Nodeems mir e puer Seeler gespaant haaten, henn mir Holz gesicht fir owes d'Feier kënnen ze maachen. Wéi mir färdeg waren, sinn mer zeréck an den Home geträppelt. Bei engem Busarrêt, wou mer zoufällegerweis laanescht koumen, hun mir den Tahr getraff, deen eis mam Auto matgeholl huet. Am Home henn mer dann giess an eis dono prett gemeet fir op den Wee. D'Montée huet schliesslech problemlos geklappt. Beim Feier goufen dann Badger verdeelt an déi nei Scouten sinn herzlech Wëllkomm geheescht ginn. Dei aal Scouten sinn mat denen neien Scouten zeréck an d'Home geträppelt an d'Explorer henn nach e bëssen gehollef ofzeriichten. Zeréck am Home, duerften mer nach Jus'er drénken an Chipsen iessen, befier mer schloofen gaangen sinn. Drago



2. Daag

Moies sinn mer opgestaan an hun direkt eis Saachen zesummengepaakt. Dunn ass ét Cornflakes ginn an mer sinn angedeelt ginn fir ze botzen. Geint 2h ass gegrillt ginn, a mer kruutten z'iessen. Um 4 sinn mer heemgangen.

Catherine



Rapport Beaver

Baurencamp

1. Daag:

Mir hunn eis Samsdesmoies um 10 Auer zu Rollingen beim Bauer getraff, an wou dunn all Kannt den Wee fir bei den Bauer fonnt huet, huet den Bauer Tom eis all seng Déieren gewisen. Als éischt konnten mer d' Kanéngercher mat Brout fidderen an heemelen, duerno huet den Bauer eis eng kleng Gees bruecht déi mer och heemelen konnten. Leider war dem Bauer säin Hond net sou frou mat der klenger Gees an huet se dauernd an d' Been gebass. Duerno sinn mer nach den Rescht vun den Geessen kucken gaangen. No den Geessen sinn mer bei d' Schwäin gaangen an den Bauer huet extra en klengt Fierkel ob den Aarm geholl fir dass d' Kanner et heemelen konnten. Herno sinn ma dunn och nach d' Päerd kucken gaangen. Dunn endlech géingt 1 Auer huet eis den Bauer Bio Grillwurschten gegrillt, déi och jidderengem gutt geschmaacht hunn. No dem Iessen sinn mer dunn nach alleguer bei d' Hinger gaangen. Wou ma dunn ferdeg bei den Hinger waren, sinn ma zu Fouss ob Miersch an d' Home getréppelt. No eiser Zukunft kruten d' Kanner eppes klenge zur Stäerkung an hunn dunn en bessen gemoolt. Nom molen sinn mer nach raus gaangen an hunn Spiller gemaach oder et hunn verschidden Kanner d' Päerd an d' Ieselen gefiddert déi an der Wiss niewent dem Home stoungen. Wou dunn jiddereen gutt ausgepowert war, sinn mer nees eran gaangen an hunn ugefangan d' Pizzaen ze maachen, an nodeems Pizzaen färdeleg am Schäffchen gebaack hunn, hunn mer eis Pizzaen schmaachen gelooss. Nom spullen hunn mer nach den „Bauer sicht seng Kou“ gespiltt an dunn hunn mer eis färdeleg gemach fir an d' Bett, dunn kruten d' Kanner nach eng Geschicht virgelies an dunn huet jiddereen ageschloß.

2. Daag

Moies ass schonn um 9 Auer den Wecker gaangen, mä souwuel d' Beaver wéi och d' Cheffen waren awer top fit. No engem gudden Moiesissen, hunn mer eis un d' Bastel gemaach. D' Kanner konnten sech hiren eegenen Gamellesjäckelchen designen, déi natierlech alleguer ganz schéin ginn sinn. No dem ganzen Gebastels, sinn mer nach eng Kéier raus gaangen an hunn do nach puer Spiller gespillet, vrundems et och rém un d' Kachen gaangen ass. Gekacht hunn d' Cheffen lecker Nuddelen, déi och gut geschmaacht hunn. Nom Iessen war et dunn och schonn bal rém Zéit fir Heem ze goen. Um 2 Auer waren dunn d' Elteren do, fir d' Kanner ob den Camp sichen ze kommen, den jidderengem super gefall huet

Maiti

Rapport Explorer B.A. Indesche Bazar

Rapport Indeschen Bazar 17 an 18 November 2012

Fir eis bonne action sinn mir also den Samschten geint 2 op den indeschen Basar am Centre Culturel zu Bouneweg gangen

fir do dann helefen opzerichten. Mir hunn Decher opgericht fir d' Sachen drop ze stellen. Mir hunn gehollef Plakater, an och natierlech dei

ze verkafend Artikelen ze plazeieren. Geint der Owend sinn mir dann Heem gangen. Den nächsten Daag sin mir dann erem Owes geint 6 zereck komm fir dann nees ze hellefen alles ofzerichten. Mir hun dann nees Decher ageraumt an jidderengem geholef. Mier kruten dann als Remerciement en gudden Croissant, an sinn dann mat guddem Gewessen Heem gaang.

Adrien



Rapport Troupensortie

Rapport Scouten

Troupensortie - Tempelritter

den 2. November 2012

Ganz Bouneweg hält den Otem un, énnen bei den Lions Bleus gouf een renoméierten Professor éembruecht. Bei sèch haat en némmen nach sain Notizheft, an d'Police huët d'Leich schon fortbruecht. Lo stellt sèch némmen d'Fro: Ween huet den Professor éembruecht?

Fir der Fro nozegoën, huet d'Troupe von den Lions Bleus sèch deem gudden Härr sain Notizheft geholl, an ass an der Keelt an duerch den Reen duerch d'Staat gewandert, fir den Mörder von eisem Fall ze fannen. Geheim Coden, an Hinweiser hun eis schlussendlech énnen bei der Péitruß erausbruecht. Nét wäit dovunner ewech loung och schon daat, nodeems den Mörder gesicht huet. Eng geheimnisvoll, gudd verstoppfen, an schwèier Këscht, mir hun së nét opgemaach bis dat mir beim Atra am Geheimversteck waren, wou keen eis fannen konnt.

Bei him am Geheimversteck hun mir als éischt mol eng gemiddlech Joggingsbox, nei Strëmp, a.s.w. ungedoën an dann hun mir Pizza Hut giess. Daat wor wierklech een Genoss, ech kann mèch nét erënneren, dat ech je esou een gemiddlechen owend niewt der Cheminée an den Scouten haat.

Mir worn zwar all gudd gelaunt, mais nodeems mir gudd giess haaten, hun mir eis Otemschatzmasken ungedoën, eis all an een Krees gestallt an gekuckt waat an der mysteriöser Këscht dran war. Ët war eng Nooriicht, an Form von enger DVD, mir hun dorops hin Popcorn gemaach, d'Fautelle geréckelt an den Beamer ungeschmass. Mir kruuten séng Erfahrungen mat den Tempelritter gewisen. Leider ass d'Zäit nét méi duergaangen, dowéint missten mir den Film an enger Troupenversammlung färdeg kucken.

Pitt Sietzen
24 November 2012
eng-faarweg-welt@hotmail.com



Rapport Schaffweekend

Rapport Schaffweekend

Rapport vum Schaffweekend 17.-18. November 2012

Moies fréi um 8 Auer haate mir Rendez-Vous beim Home. Den Niwel haat sech nach net verzunn, allerdengs huet et awer schon am Home no Kaffi gericht. Nodeems een sech duerch déi ganz Spawecker an de Knascht bis an de grousse Sall gekämpft haat, gouf et dun och nach Kaffiskichelcher. Vir dass et esou fréi moies wor, waren awer schons e puer Leit do. No engem gudden FRÜH-Stück gouf et dunn un d'Aarbescht. D'Anoa, d'madame Sekretärin huet d'Aarbeschten virgelies an Jiddereen huet sech erausgesicht waat en wëll maachen. Dunn gouff ugefaangen ze schaffen. Et war vill ze din, an dobai haate mir nach kuerz virdrun den ganzen Ustraichdeel ewechgelooss.

No e puer Stonnen haardem Schaffen war et dun Zait vir d'Mettegiessen. No enger halwer Baguette ass et dun erem weidergaang mat schaffen. Bis owes spéit gouf dun weider gehummert, gemeesselt, geseet, geschnidden, gewescht, gespultt an esou weider. De Kodiak haat io dësen Daag Gebuertsdaag an dovir gouf et dun um 5 Auer nach eng kéier Kaffi mat Kuch. An erem ass geschafft gin bis spéit an d'Nuecht eran. Vir d'Owesiessen haat de Kodiak sech raclette gewenscht vir z'iessen. Mat 300 Schweinen Kéis ass et dunn an en Raclette-Marathon vun 4 Stonnen gaangen an nodeems praktesch naicht mei iwwreg war, hu mir eng Verdauungspartie Twister gespillet. Jiddereen huet matgespillet, io souguer d'Lasca huet seng riets Aaschbaack op greng geluecht. Ewéi jiddereen sech dun puer Kriet an d'Äerm gemaach huet, hu mir léiwer opgehalen ier et Verletzter gouf. Esou ass een nom aaneren schloofen gaangen an d'Feier am Kamain ass emmer méi kleng gin...

De Wecker huet moies um 8 geschellt an domadder vir Verschiddener d'Enn vun enger Kuerzer Nuecht ageleet. Lues a lues ass Jiddereen aus sengem Schloofsaack gekroch an sech un den Dësch am grousse Sall gesaat vir kaffi ze drenken. Ganz zügech ass et dun weidergaangen mam schaffen. Jiddereen wosst direkt waat en ze maachen haat an huet déi aaner net méi gestéiert. Um 1 gouf et dun e gudde Wupp mat enger gudder Bupp dobai an viiiill Sauce Tartare. Nom iessen gouf dun am fong nemmen nach d'Home färdeg gebotzt an en erfollegraichen saffweekend ass dun op en Enn gaang.

Hei eng kleng Lëscht waat alles gemaach gouf:

Raumen: Garage, Schaaf an der Kichen, Spullkichen, Apdikteschaaf, Konstruktounsholz nei tesslen. Botzen: Enseigne, Fensteren, Spannenetzer am Home, Kichen, Toilettebiischten, Siffon, Frittendeppen, Still & Dëscher oofmaachen, Toilettendieren, Dieren, Kamain mat Waasser oofmaan, Duschendieren, Ryder botzen, Chaudière, Dortoir.

Divers: Spot op der Terrasse, Foulard d'Or ophänken am Bureau, Hecken schneiden, Recycling Center, Velostänneren, Couchen am Explorerzemmer liquideieren, Gasfläschchen fëllen goen, Better opzéihen, Holz ranhuelen an de Grousse Sall, Spot an der Afaart flécken, an der Garage Recycling-Eck eng Tablett flecken, Akaafengoen...

HEIMADDER SEET DE GANZE GROUPE MERCI UN DEI LEIT DEI SOU TATKRÄFTEG ENG HAND MAT UGEPAAK HUN!

Rapport Troupe

Samsden, den 17. November 2012

Mir hun eis um 8 Auer getraff, fir déi déi do Kaffi drénken wollten an um 9 Auer fir déi aaner. Wéi mir um 9 all prett waren fir ze schaffen, hun mir eis opgedeelt an ét ass lass gaang. Ech hun mam Ludo all d'Dëscher an d'Still vum Home gebotzt. Et hun der och nach Velostänneren aus 2 Baamstämm gebaut, an nach ganz vill aaner Saachen déi gemaach missten ginn. Géint 13 Auer hun mir giess. Dono hun mir eis opgedeelt.

Et sinn Léit am Home bliwwen fir ze schaffen an d'Scouten sinn dono fir den 'John Cage' Téin ophuelen gaang, fir hieren Projet wou sie Zoufallsmusik ophuelen. Währenddeems sinn d'Explorer mat hieren Cheffen d'Stänn fir den indëschen Bazar am Centre Culturel de Bonnevoie opriichten gaang. Mir hunn Panneauen opgestallt fir dat sie hier Affichen drop hänken konnten. Dun hun mir d'Charioten zréck an den Keller bruecht, an ét war schon baal 5Auer. Den Grizzly haat ee Quad dobai an ét sinn e puer Léit domat op der Velospiste gefuer. Dun hun mir weider geschafft, d'Poubellen gebotzt, d'Friteuse och, etc.

Samuel Lemoine

TECHUANA 2013 TECHUANA_wanter'13



TECHUANA 2013 “Der Berg ruft”



Elterenversammlung:

Dënschdes den 12. Dezember 2012 um 19:15 Auer am Home vun den Lions Bleus.

Fir déi Leit déi matginn...

(Sam, Ciaran, Max, Ketty, Samuel, Ludovic, Eric, Tameng, Tahr, Soa, Paco, Grizzly, Fennec, Chouch, Maki, Tamia, Laska & ...???)



Dës Versammlung (fir Participants & Elteren) ass obligatorësch fir jiddereen dien matgeet an TECHUANA 2013. D'Versammlung ass, fir lerch all d'Informationounen iwwer den Camp weiderzeginn, är perséinlech Mapp auszedeelen an dat dir nach Froën kënnst stellen.



“Mir freen eis schon op den Schnéi!
d'LBB Schnéihuesen”

P.S. Denkt un är Iwwerweisungen :)

Déi genee Détailier fann der nach emol an déser Wandrous --> entweder 350€, 525€ oder 650€
Sinn bis spéidstens den 26.01.2013 op den CCPL LU49 1111 2324 7361 0000 - Les Lions Bleus asbl-Explorer ze viréieren...

Cotisatioun 2013

Cotisation 2013

E Kalenner-Scoutsjoër ass eriwwer daat nächst Kalenner-Scoutsjoër fängt un (WOW)
Wéi all Joér ass d'Cotisatioun fir all d'Memberen vun den Lions Bleus fälleg. Dëst Joér sinn **25,00** Euros op
den Compte **CCPL LU82 1111 0498 5493 0000 vun den Lions Bleus** ze iwwerweisen.

Fir dës **25,00** Euros kriss du:

- d'Recht un den Aktivitéiten vun den Lions Bleus deelzehuelen
- d'WANDROUS heemgeschéckt an daat 5 Mol während dem Scoutsjoër
- eng Assurance déi aspréngt wanns de en Akzident bei den Scouten huës

Fir ze verhënneren dat mer mussen vill deier Plaaz an der WANDROUS mat Rappel'en versauen,
den Dierwiechter bei déi verschidden Leit schécken déi nüt oder ze spéit iwwerweisen, oder soss
opwenneg juristësch Schrëtter énnerhueulen, ass all Member gebieden séng Cotisatioun soubal ze
iwwerweisen wéi dat d'Memberskaart ukënnnt.

Well mir jo Scouten sinn, vertrauen mir Dir an schécken Dir als Zeechen vun guddem Wëllen
d'Memberskaart fir d'Joér 2013 zou, ieren dat bezuelt ass.

Dofir ass ét elo un Dir fir ze iwwerweisen, oder dofir ze suergen dat déng
Memberskaart esou séier wéi méiglech bezuelt gët.
Den Finanzminister ass Dir op all Éiwegkeet dankbar.



De Finanzminister
(alias Eyra farceur)



Lions Bleus NEWS

Lions Bleus News

!!! OPRUFF !!!

Denk drun Photoen eranzeginn
(egal op aal oder nei) fir dat mer e flossen
LionsBleus-Photoarchive kënnen opbauen.

Schéckt dës ganz einfach op
(foto@lionsbleus.lu)
oder gidd mer se direkt per
CD oder Stick...

TAHR



LIONS BLEUS SHOP

Den Lions Bleus Shop ass fir nächst op
vun 15h45 - 16h15 den:


08/12/2012

19/01/2013

02/02/2013

16/03/2013

20/04/2013



EMYS



KALENNER 2013

Jo en ass **nees do**, den neien FNEL's Kalenner fir d'Joërs 2013. E wichtegt Stèck, daat an kengem Haus dierf feelen. Praktësch ass en och nach dobai, well dir kënnt lech all d'Lions Bleus Datumer hei dran vermierken wéi och är Privat.

Wou krid een daat gudd Stèck?

Natiirlech bei eis am Lions Bleus Shop fir ganzer **5 €**.

Dat mer nüt drop sätzen bleiwen ginn ét just 100 Lions Bleus Exemplairen. Dofir maach dech schnell op Bouneweg :)

WOSM & fnel NEWS

WOSM&fnel News



FNEL SCOUTS-SHOP

Nouv.Adresse:

64A, rue de Trèves

L-2630 Cents

Tel: 26 48 04 50

JOURS d'Ouvertures:

17:00 - 19:00

- 06/12/2012 - 17/01/2013

- 13/12/2012 - 24/01/2013

- 20/12/2012 - 31/01/2013

- 10/01/2013 - 07/02/2013

ALLGEMENG Datumer:

08/12/2012	Formation Formateur & CG
19/12/2012	Verre de l'amitié
13/01/2013	Explorer Sportsdaag
19-20/01/2013	Tronc commun
26-27/01/2013	City-Trip Brugge fir d'Cheffen
01/02/2013	Rover Quiz bei den AI
02-03/02/2013	BV Formation
03/02/2013	SG Wanterlaaf

03/02/2013	Sixerdaag
07/02/2013	Réunion semestrielle
23-24/02/2013	SG/EX Formation
16-17/03/2013	Bosses & Bobos
23-26/03/2013	LS Formation
29-01/04/2013	EX Brevêt
02-06/04/2013	Explorercamp zu Berlin

et schengt

et schengt

- 01) wéi wann eis nei Scoutskollegen vun Horn (A) lo och all Samsteg hiert Halstuch mussen undoën
- 02) wéi wann dem decken Bier sain Gebuertsdaag en vollen Erfolleg war
- 03) wéi wann den Foulard d'Or némmen 1 Joér gudd wier, an dann den nächsten Best Group FNEL gewielt géif ginn
- 04) wéi wann d'Lions Bleus séch nees géifen an der Coque fräi schwammen
- 05) wéi wann verschidden Explorer-Cheffen nét esou staark sinn wéi eng Kamel
- 06) wéi wann dëst d'Joér erëm gudd geschafft ginn wier um Indëschen Bazar
- 07) wéi wann ét dës lescht am Home gudd gericht hätt
- 08) wéi wann d'Lions Bleus hier musikalësch Oder entdeckt hätten
- 09) wéi wann eisen Chef de Groupe kuerz virum Duerchbroch stéing
- 10) wéi wann eis Cheffen émmer méi mobil géifen ginn
- 11) wéi wann en gewéssenen Pittilalo en Haass op Prabbeli'en huet
- 12) wéi wann d'Séipärdercher séch an Chakalen verwandelt hätten
- 13) wéi wann d'Froggy'en elo vum botzen an d'Eisch Hellef gewiesselt wieren
- 14) wéi wann Meute nei Memberen hätt
- 15) wéi wann Colonie sech schlagaarteg verklengert hätt
- 16) wéi wann de Kleeschen sech vill Gedanke mëschte fir fir d'Scouten eppes ze organiséieren
- 17) wéi wann énnert de Cheffen en neie Café ganz beléift wier
- 18) wéi wann eng Palette Kichelcher schwaarz ginn wieren
- 19) wéi wann d'Lions Bleus deen 1. Foulard d'Or krit hätten
- 20) wéi wann d'Lions Bleus deen 1. Foulard d'Or krit hätten
- 21) wéi wann nächst Joér de Lions Bleus hiert néit Home agewéit gëtt

et schengt net nemmen

et schengt net nemmen

- 01) wéi falls sie én vergiessen, sie och lo en leckeren Kuch déi nächsten kéier matbréngten mussen
- 02) dat no 4 Stonnen Raclette iessen nach Twister spiller während der Verdauung keng gudd Idee war
- 03) dass ét dëst Joér berechtegt wier ze erklären firwaat mir dësen Titel kruuten
- 04) dass den Sail émmer méi no réckelt, an d'Schwammen guer nét sou onwichteg ass
- 05) wéi wann den Zannt (Plomp) am Kampf opginn hätt
- 06) wéi wann mer dëst Joér esou ungerappt hun, dat mer an enger Rekord Zäit färdeg waaren
- 07) wéi wann Raklett do giess ginn wier
- 08) wéi wann hier Nouten haapsächleg aus Autogeräicher géingen bestoën
- 09) wéi wann en d'Roll als Streber op der lëtzeburger Tele perfekt duergestallt hätt
- 10) wéi wann elo nach 2 Stéck méi, den laang erseenten rosa Schäin kruuten
- 11) wéi wann all Prabbeli deen hien begéint misst sain letzt Wuert soën
- 12) wéi wann den Numm nét vun den Jongen komm wier
- 13) wéi wann sie dofir all Woch an dësen Kueren géifen quaken :=)
- 14) wéi wann se sech scho gudd intégréiert hätten
- 15) wéi wann um Allerhellegecamp némme 6 Beaver präsent worn
- 16) wéi wann en sech déi ganz Nuecht den Kapp zerbrécht
- 17) wéi wann dëse Café déi nei berühmt berüchtegt "Bouneweger Stuff" wier
- 18) wéi wann d'Wöllefcherscheffen vergiess hunn des aus dem Uewen ze huelen
- 19) wéi wann si sech villaicht als 'Lions d'Or' geifen embenennen an dann gëllen Foulard'en geifen droen
- 20) wéi wann si elo all geifen Sonnenbreller kreien well se esou verblend sin duerch d'Gold
- 21) dat momentan esou vill Lbb an der FNEL aktive wären dass e géif mengen de Chalet um Cents hiren wier

Melle Meyer Arlette - MM Majerus Tina - MM Majerus Evelyne - Melle Goergen Simone - MM Schumarini-Leuk Egidio - MM Jenin-Thomé - MM Fay-Bisdorf - Maki & Manul - MM Majerus Patrick - MM Schaack-Hirsch Albert - Anonyme - M Goergen Claude - Mme Federmeyer Berthe - M. Grün Joe - MM Heinen G. + Sendel Denise - M. Thibo Charles - M. Rohmer Kevin - MM Kohn-Mergen Christiane - MM Schintgen Chouch - Famille Reiners - Thein Pit - Bauler Fränk - Sirazki - Famille Sinner - Cahen

D' Wandrous no 340 as zesummengesaatgin a fortgeschéckt gin: Atra, Lena, Nora, Prunelle, Michael, Tahr, Kodiak & Tamia

Un der WANDROUS N°341 hun matgeschafft:

LIB / Maîtrise Beaver - Wöllef - Scouten a Explorer / Tamia / Kodiak / Tamia / Laura / Felix / Ciran / David / Drago / Catherine / Maiti / Adrien / Pitt / Atra / Samuel a Fennec

Programm Wandrous

den 3Méint-Programm


dezember'12		januar'13		februar'13	
Sa 1	Beaver/Meute/Troupe/Explorer	Dë 1		Fr 1	RoverQuiz FNEL
So 2		Më 2	Permanence	Sa 2	Beaver/Meute/Explorer
Me 3		Do 3		So 3	Sixerdaag (LX) Wanterlaaf (SG)
Dë 4		Fr 4		Me 4	
Më 5	Permanence	Sa 5	keng Versammlung LX Weekend	Dë 5	
Do 6		So 6	LX Weekend	Më 6	Permanence
Fr 7	KLEESCHEN LBB	Me 7		Do 7	Réunion semestrielle FNEL
Sa 8	ROVER-Weekend keng Versammlung	Dë 8		Fr 8	TECHUANA
So 9	ROVER-Weekend	Më 9	Permanence	Sa 9	TECHUANA keng Versammlung
Me 10		Do 10		So 10	TECHUANA
Dë 11		Fr 11		Me 11	TECHUANA
Më 12	Permanence	Sa 12	Beaver/Meute/Troupe	Dë 12	TECHUANA
Do 13		So 13	Sportsdaag (EX)	Më 13	TECHUANA
Fr 14		Me 14		Do 14	TECHUANA
Sa 15	Beaver/Meute/Patrull	Dë 15		Fr 15	TECHUANA
So 16		Më 16	Permanence	Sa 16	TECHUANA keng Versammlung
Me 17		Do 17	Comité LBB	So 17	TECHUANA
Dë 18		Fr 18	Wandrouseinsendeschluss	Me 18	
Më 19	Verre de l'amitié FNEL Permanence	Sa 19	Patrull/Explorer BV Sortie & LX Sortie	Dë 19	
Do 20	Comité LBB	So 20		Më 20	Permanence
Fr 21	EX Camp	Me 21		Do 21	Comité LBB
Sa 22	keng Versammlung BV Weekend & EX Camp	Dë 22		Fr 22	
So 23	BV Weekend & EX Camp	Më 23	Permanence	Sa 23	Beaver LX Fuesparty&Baacksonsortie Sain
Me 24		Do 24		So 24	
Dë 25		Fr 25	AG LBB Wandrousredaktionsschluss	Me 25	
Më 26		Sa 26	Patrull City-Trip Cheffen op Brugge	Dë 26	
Do 27	SG Camp	So 27	City-Trip Cheffen op Brugge	Më 27	Permanence
Fr 28	SG Camp	Me 28		Do 28	
Sa 29	SG Camp keng Versammlung	Dë 29			
So 30		Më 30	Permanence		
Me 31	!!! SYLVESTER !!!	Do 31			

Allerlässt Wandrous - Säit

www.lionsblues.lu



fnel
scouts & guides



NUMM: ATRA
VIRNUMM: ENGAGE
ALTER: ???
« I AM SCOUT »*

* THAT'S ALL FOLKS